

GRÈVE DU 31.08.1942 – DISCOURS 2019

(Buurgermeeschter)

Här Chamberpresident,
Dir Hären Ministeren Schneider an Hansen,
Dir Dammen an Hären Deputéiert,
Kollegen aus de Schäffen- a Gemengeréit,
léif Familljen voan den Affer,
léif Vertrieder voam Comité de la Mémoire de la Deuxième Guerre Mondiale,
léif Vertrieder voan de patrioteschen Organisatiounen,
Här Dechen,
Vertrieder voan de Gewerkschaften,
Vertrieder voan den lokale Betreiber,
Vertrieder voam Corps Enseignant,
Vertrieder voan dem Gemenge-Personal,
Dir Dammen an Dir Hären voan der Police Grand-Ducale,
Vertrieder voan den Pompjeeën resp. Jugendpompjeeën,
léif Vertreeder voan de Verwaltungen,

léif Invitéen a Weeltzer Bierger, Dir Dammen an Dir Hären,

MERCI dass Dir hokt bei dëser nationaler 77ter Gedenkzeremonie iwwert de Streik vum 31. August 1942 derbäi sidd.

Leed an Doud : dat war d'Schicksal vu ville Leit an eiser Géigend während dem leschte Krich. Och wann den zweete Weltkrich scho vill Joerzengten hannert eis lait, darf d'Erennerung un dës traureg Episod vun der Geschicht eis nik egal ginn.

An dëser Gedenkzeremonie wëlle mir

1. **Zeréckkucken**, héieren wat deemools geschitt ass, an den Affer mat Respekt gedenken,
2. **erakucken** an eis Gesellschaft vun hakt, an där villes reegelméisseg soll kritesch hannerfrot ginn;
3. an **no fir kucken**, fir och de kommende Generatiounen eppes mat op de Wee ze ginn an hinnen ze hëllefen, aus de Feeler vun der Vergangenheet fir d'Zukunft ze léieren.

Mir denken hokt zréck un een Deel vun eiser Geschicht, an deem deemols jidder eenzelen fir sëch hoat missen entscheiden, wéi hien mat der Occupatioun duerch den Nazi-Regim emgoe sollt a wollt.

D'Iddien, Ideologien an Ziler vun dësem feindlechen Regim goufen vun engem Groussdeel vun de Lëtzebuerg nik gedeelt.

D'Geschichtsbicher klären eis gutt iwwert d'Fakten vun Deemools op, mee den individuellen Zivilcourage vun ongenannten Legt a Familljen begräift een am Beschten iwwert **d'Erzielungen vun Zäitzeien**.

D'Iwwerliwwerung voan deenen Erfahrungen oan déi Generatiounen déi no dëser schrecklecher Zäit op d'Welt koumen, ass extrem wichteg ... mee leider verloossen eis los a los déi leschten Zäitzeien, an domat **gëtt d'Erausfuering nach méi grouss**, fir ouni déi Lekt d'Geschicht vum Krich opzeschaffen an esou déi wichtegst Erkenntnisser fir d'Zukunft mat op den Wee ze hoalen.

An deem Kontext probéiert d'Gemeng Wooltz – am Kader vun sengem Statut als Cité Martyre - duerch eng Rei Moosnamen fir d'Erënnerung un déi schreckleche Zäit um Liewen ze halen:

- duerch **Commemoratiounszeremonien**, wéi se all Joar hei op dëser Plaz als Erënnerung un de Streik vun 1942 ofgehale gëtt, an och um Schumannseck, wou all Joar um 16. Dezember un den Ufank vun der Rundstedoffensive geduecht gëtt an dat mat de Kollegen vun der Stausee-gemeng an der Wansele-rgemeng sowéi dem NLM ;
- duerch **d'Organisatioun vu Visiten** vu Weeltzer Schouklasse aus dem Cycle 4.1 am Konzentratiounslager Hinzert bei Tréier;
- duerch **d'Ënnerstëtzung vun der Renovatioun vum Musée de la Bataille des Ardennes** am Weeltzer Schlass ;
- duerch d'Ënnerstëtzung vum regionale Projet „Land of Memory“ dee vum Naturpark Uewersauer gedroen gëtt;
- duerch d'Ausschaffen enger eegener **Ausstellung** a **Broschüre** iwwert den Streik vun 1942, déi dir och duerno am Schlass kucke kënnt.

Als Buergermeeschter vun Wooltz erlaben ech mir fir nach emol op d'Evenementer hei an eiser Stad virun 77 Joer Joer anzegoen.

Laut den Erzieleungen senn op dësem 31. August d'Oarbichter wi all Moien géint halwer siwen op de Wee bei d'Lederfabreck gangen, ma eppes war anischt wéi soss.

Et hoat een den aneren bekuckt an et ass nik geschwaat ginn, mee an den Aen konnt ee gesinn, wat am Oenneren vun jiderenegem virgung.

Si ware fest entschloss, den Daag nik mat schaffen unzefenken.

Och Beamten, déi eng Stonn méi spéit ufenke sollten, sin nik an hir Büroen gangen.

650 Oarbichter a Beamten vun der IDEAL-Fabrik hun domat de Generalstreik hei zu Wooltz lancéiert.

Och an den aneren Fabrecken, de Brauereien an de Geschäfte ass d'Oarbicht niedergeloocht ginn. D'Wirtsheiser sinn zou bliwwen, keen Bauer war um Feld, d'Schoulmeeschteren senn nick mat de Kanner an d'Klassesäll erangang. D'Administratiounen sinn och zou bliwwen.

Moies fréi hoat sech een **Demonstatiouns-Cortège** gebillt, deen dun awer vun der SA gesprengt gouf – **an et keent zu Masseverhaftungen**.

Trotzdem hoat d'Streikbewegung sech voan hei aus ausgebreed an op ville Plazen am Land a queesch durch déi ganz lëtzebuerger Populatioun gouf s'ech ugeschloss.

Zwee Gemengenemployéen an véier Schoulmeeschteren vu Wooltz goufen, kurz dono vum Standgericht zum Doud verurteilt. Weider 15 Persounen am Land sollten jo de Streik vun 1942 nik iwerliewen.

Si ware **couragéiert Lekt** déi sech getraut hoan op eng **beandroekend Art a Weis kloer NEE ze soen**.

Et hott vill Zivilcourage dorzou gehéiert fir den 31. August 1942 dëse Streik ze organiséieren an duerchzeféieren. Si hun dofir hirt **eegent Leewen geloss** an esou hir Familljen an Trauer hannerloss... gläichzäiteg honn déi Lekt domatten ewer och sécher vill Lewen gerett. Ween wees, op mir hokt ouni si nach Lëtzebuerger wäeren an op mir eis Sprooch nach schwätze kéinten?

Et huet vill Mutt an Solidaritéit dozou gehéiert, fir dass de Streik 1942 an där Form entstanen ass. Dat si Wäerter, déi an eiser haktiger Gesellschaft **nik méi sou héich gehale ginn**. Jiddereen kuckt éischter no sëch kuckt wéi no der Allgemengheet.

Weltwät huet den zweete Weltkrich 55 Milliounen Doudesaffer gefuedert. Alleng zu Lëtzebuerg hun iwver 8000 Leit misse stierwen. Nach haut fuedert dëse grausame Krich Menscheliewen, wéi d'lescht Joer um Waldhaff bei dem trageschen Accident mat enger aler Weltkrichsbomm.

Während dem Krich goufen 11 160 Jongen an d'Wehrmacht agezunn. Vun de Joargäng 1920-1927 sin 2 906 Jonker am Krich gefall, goufen erschouss oder als vermësst gemeld.

Iwver 4000 Leit a Lëtzebuerg goufen ëmgesiedelt. 3 963 Awunner vun eisem Land goufen an ee KZ bruecht, wouvunner 1 564 ni méi erëm koumen. 868 jiddesch Matbiirger koumen ëm.

Wat Wooltz betrëfft, sou goufen 164 Jonker vun hei zwangsrekrutéiert. 42 Weeltzer senn un der Front gefall, 15 sinn als vermësst gemeld ginn an 21 Zaldoten koume verstümmelt aus dem Krich zréck.

91 Awunner goufen ëmgesiedelt, 15 Mënschen senn am KZ ëmkomm.

Wooltz war eng vun de Stied, déi déi meeschen Doudesopfer am Krich ze bekloen haat. Am August 1946 krut Wooltz dofir offiziell den Titel als „**Cité Martyre**“ wou mir um 16/12 an um 21/01 nach mol dorober zereck kommen.

Et schingt eis hakt scho bal selbstverständlech, dat et eis zu Lëtzebuerg gutt geetan dass mir hei an och an Europa am Fridde leewen.

Dat war eewer nik emmer sou a mir mussen all dofir Suergen, dass et esou bleift. D'Situatioun an Europa ass hakt eng Fro zu der Zesummegehéiregkeet vun verschidden Natiounen a Kulturen an engem geographëschem Raum.

Et geet hei ewer och ëm Rechter a Pfichten, ënnert anerem déi vun den sougenannten Minoritéiten am groussen Europa, **esou wéi déi jüdesch Matbiirger et deemols waren**.

Mir müssen och hei am klengen Lëtzebuerg verhënneren, dass Stréimunge vu Gewalt an Haass géint Minoritéiten oder géint Auslänner Fouss faassen.

Wann een **d'Geschicht vun eisem Land** kuckt, dann erkennt een dass Lëtzebuerg nach ëmmer fir Oppenheet an Toleranz gestan hoat, an dat soll s'ech och an Zukunft nik duerch ee falsch verstanenen Nationalismus änneren.

Well mir dürfen nik vergiessen dat mir eis Fräiheet der Tatsach verdanken, dat mir am leschten Krich nik aleng geloss goufen.

D'Mënschen aus dem Land müsse weider dofir suergen dass de Friden, d'Toleranz an d'Fräiheet heian a ganz Europa geséichert bleift. Mir müssen eis och bewusst sinn, dass eis Jonker, déi dacks och ee Migratiounshannergrond hun, den Zweete Weltkrich anescht gesinn wéi d'Zäitzeien an déi direkt Nokrichsgeneratioun. Si ginn aanescht mat dem Thema konfrontéiert an stelle s'ech aner Froen an interesséiere s'ech vläicht manner spontan fir deen Deel vun der Geschicht.

Projeten wéi de „Land of Memory“ s'enn dofir immens wichtig, fir dass och d'Jugend vun hockt drun erënnert gëtt, wat deemols geschitt ass a fir dass s'ech sou grausam Episoden nik méi widderhoalen.

„Land of Memory“ ass ee Projet an der Groussregioun, an deem ënner anerem de Gedenksite um Schumannseck an de „Sentier du souvenir“ valoriséiert solle ginn. Dräi Klassen aus dem Lycée du Nord s'enn an deem Projet mat abezunn, andeems si beim Iwwerschaffen vun de Gedenkplazen mathëllefen, esou méi iwwert d'Geschicht gewoar ginn a selwer d'Erënnerung un déi Zäit erhalen a weiderverméttelen kënnen.

D'ëst ass engt vu ville Méiglechkeeten, wéi mir d'Léieren aus der Vergaangenheet un déi nei Generatiounen weider kënnen ginn – esou dass d'Affer vum Kirch nik ëmsoss gefall s'enn

Den 31. August 1942 wäert hei zu Wootz an op aner Plazen am Land, fir ëmmer als deen Dag zielen, wou Lëtzebuerg gewisen hoat dat mir eis géint Ënnerdréckung wieren kennen.

Hakt muss all eenzelen sich selwer d'Fro stellen: **hätten mir deemols den Courage** gehat fir eis op déi selbstlos Aart an Weis ze wieren?

Dir Dammen an Dir Hären,

esou wéi d'Zäiten s'ech geännert hunn, esou hoat och Wootz s'ech verännert. Ee Groussdeel vun der fréierer IDEAL-Fabrick an den Industrien ass ewech gerappt ginn an hu Plaz gemaach fir nei Projeten op d'ëser historesch wichteger Plaz vun eiser Stad.

Am Häerz vu Wootz ensteet moderne Wunnraum, héichwäerteg öffentlech Infrastrukturen, nei Oarbichtsplazen an eng gutt Liewensqualität.

D'Geschicht déi am 2. Weltkrich op der Plaz geschriwwen ginn ass, wëlle mir ewer nik vergiessen an dofir organiséiert d'Gemeng mat grousem Stolz alljoers beim Portal vun der Ideal op d'ësem 31. August eng Zeremonie, fir deenen ze gedenken, déi mat hirem Courage eis Fräiheet erméiglecht a mat hirem Leewen dofir bezoalt honn.

Och den Tuerm viroan deem mir stinn, stellt ee staarkt Monument voan eiser Erënnerung an eiser Oanerkenntung duer.

Léif Invitéen, Dir Dammen an Dir Hären, léif Weeltzer Lekt,

Losse mer also dës Gedenkfeier notzen fir eise couragéierten Bierger voan deemools nach emol Merci ze soen.

Ech wëll d'Geleenheet awer och notzen fir e poer wieder Merci'en auszeschwetzen:

- der Madame Francine Hahn, ons Weeltzer Gemengesekretärin, déi akzeptéiert huet fir ons an Zukunft duerch dës Zeremonie ze féieren
- den heutegen Vertrieder vun der lëtzebuerger Regierung fir den Ënnerhalt an d'Renovatiounsaarbechten um nationalen Streikdenkmal an de leschte Joren.
-